

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 9. August 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Arméiminister, den Här Bausseminister an den Här Minister fir Ekonomie weiderzeleeden.


Déi bausepolitesch Bezéiungen zu der Volleksrepublik China ginn international ëmmer méi kontrovers diskutéiert, dat och an der EU, wéi beispillsweis déi rezent Entwécklungen ëm eng *de facto* diplomatesch Vertriedung vun Taiwan a Litauen weisen. Dës Diskussiounen stellen a viller Hisiicht eng logesch Konsequenz vum Opstig vun der Volleksrepublik zu enger ekonomescher a militärescher Weltmuecht, wéi mir et soss aktuell just vun eisem NATO-Partner, de Vereenegte Staate kennen, duer. Schliisslech dréckt sech den neie Pouvoir vun der Volleksrepublik zum engen och an der Deelkontroll iwwer ëmmer méi Liwwerketten duerch Betriversverlagerung aus. Zum aneren an der Participatioun un ëmmer méi Schlëselinfrastrukture vun an anere Staaten, dat ënner anerem och am Kader vun der sougenannter "neier Seidestrooss". Sou ass beispillsweis aus der ursprénglech reng kommerzieller Bedeelegung um Hafe vun Athen och eng militäresch Bedeelegung erwirgaangen.

An deem Zesammenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

- 1) A menger Fro Nummer 2897, déi ech zesumme mam honorablen Deputéierte Roy Reding gestallt hat, hat ech d'Regierung am Zesammenhang mat eisen ënnerschiddlechen, ekonomesche Kooperatiounen mat der Volleksrepublik ënner anerem och gefrot, wéi wäit ëffentlech Entrepreneuren am Besëtz vun der Volleksrepublik zu Lëtzebuerg u Schlëselinfrastrukturen oder Betriber aus dem Beräich Transport, Energie an Telekommunikatioun bedeelegt sinn. Leider ass d'Regierung op dee Punkt net agaangen, firwat ech meng Fro heimat nach eng Kéier widderhuelen.
- 2) Kann d'Regierung elaboréieren a wéi enge Beräicher d'Ekonomie vu Lëtzebuerg méttlerweil zwéngend op Zouliwwerer aus der Volleksrepublik ugewisen ass, well keng Ubidder méi aus anere Länner zur Verfügung stinn oder well déi déi néideg Quantitéiten net eleng kënnen liwweren?
- 3) Kann d'Regierung, ënnert dem Respekt vun där sécherheetspolitesch gebuedener Diskretioun elaboréieren, ob, a wa jo a wéi engem Mooss, Lëtzebuerg bei der Beschaffung vu militäreschem Equipement, inklusiv den Ersatzdeeler an de Batterien, op Zouliwwerer aus China ugewisen ass?
- 4) 2019 gouf de Beetebuerger Logistikzentrum déi éischte Kéier direkt vun engem Gidderzuch aus der Volleksrepublik ugefuer. Ass dës Verbindung nach aktiv? Wa jo, kann d'Regierung elaboréieren, wéi een ekonomeschen Notzen eis Land bis lo aus dëser Eisebunnsverbindung gezunn huet a wéi d'Kompetitivitéit vun dëser Verbindung sech vis-à-vis vun den Transportlinnen Lëtzebuerg-Volleksrepublik

China, vun der Cargolux presentéiert? Huet déi Zuchverbindung während der COVID-Kris iergend eng logistesche Bedeitung gehat? Wéi eng Bedeitung huet de Logistikzentrum Beetebuerg nach am Hibleck op China, besonnesch an der Konkurrenz zu anere Stied, wéi zum Beispill Léck?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten



**LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG**

Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Le Ministre de la Défense

Luxembourg, le **13 SEP. 2021**

Dossier suivi par:
Alex RIECHERT
Tél.: 247-82831
E-mail: alex.riechert@mae.etat.lu

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation

L-2450 LUXEMBOURG

n. réf.: A37.621.21

Objet : Question parlementaire n°4814

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse commune à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de mes sentiments très distingués.


Francis Bausch
Ministre de la Défense

**Gemeinsam Äntwert vum Verdeedegungsminister, vum Aussen- an
Europaminister, vum Wirtschaftsminister an vum Minister fir Mobilitéit an
ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n°4814 vum 9. August 2021 vum
honorablen Députéierten dem Här Fernand Kartheiser**

Zur Fro 1:

D'Regierung ass generell iwwer grouss Investissementer aus Drëttlänner informéiert. Zum Beispill suivéiert de Wirtschaftsministère am Kader vun der wirtschaftlecher Promotioun vu Lëtzebuerg am Ausland och auslännesch Investitiounen. De Lëtzebuerger Staat huet doriwwer eraus, wéi an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro 2879 erkläert, Participatiounen an Entreprises, déi e systemesche Wäert fir d'Land hunn, zum Beispill an de Beräicher vun der Aviatioun, der Telekommunikatioun oder der Energie, an ass esou iwwert méiglech Investitiounen, aus dem Aus- an Inland bei esou Betriber informéiert.

Fir auslännesch Investitiounen a Betriber mat kriteschen Aktivitéiten, déi en Impakt op eis Sécherheet an ëffentlech Uerdnung kéinten hunn, huet d'Regierung e Gesetzprojet zum Thema „Investment Screening“ op den Instanzewee bruecht. Dëse Projet, deen op engem Reglement vun der Europäescher Kommissioun baséiert, ass drop ausgeluecht, Risiken déi un esou Direktinvestitiounen gebonne sinn, z'identifizéieren an deementspreechend ze minimiséieren.

Zur Fro 2:

Et ass schwierig ze moosse wéi héich déi verschidde Beräicher vun der Wirtschaft eventuell op Zouliwwerer aus bestëmmte Regiounen ugewise sinn. Et misst een dofir esouwuel déi direkt wéi och déi indirekt Ofhängegkeet vun all de Betriber vu bestëmmten Zouliwwerer kennen; esou Donnéeën vun de Betriber zu der Organisatioun vun hirer Liwwerketten an hirem Choix vun Zouliwwerer sinn dacks sensibel a strategesch a ginn dofir vun hinne confidentiel behandelt.

De Wirtschaftsministère ass sech awer der strategescher Wichtigkeet vun nohaltegen a resilienter Liwwerkette bewosst. An der Feuille de route „Ons Wirtschaft vu muer“ si méi resilient Wäertschöpfungsketten dofir och e Kärthema. Doriwwer eraus ass Enn 2020 eng universitär Chaire am *digital Procurement* geschaf gi fir eist Land international als Expertiszentrum am *Supply Chain Management* ze positionéieren.

Zur Fro 3:

Fir Waffesystemer oder grouss Equipementer huet d'Lëtzebuerger Arméi net déi néideg Ressourcë fir eppes „à la carte“ hierstellen ze loossen. Am Géigendeel: d'Arméi freet an hire Cahiers des charges dass dat geliwwert Material scho bei alliéierten Arméien am Asaz ass. Op déi Manéier gëtt verhënnert, dass mat Prototypen muss geschafft ginn, fir déi et keng praktesch Erfahrungswärter gëtt an een d'Gefor leeft, d'Equipementer net oder just duerch demesuréiert Ustengungen operéieren ze kënnen.

D'Armée vun eisen Nopeschlänner hu Rüstungsagenturen, déi d'Hierkonft an d'Qualitéit vun de geliwwerten Equipementer iwwerpräiwen (Däitschland: BAAINBw - Bundesamt für Ausrüstung,

Informationstechnik und Nutzung der Bundeswehr – mat 6.800 Mataarbechter; Frankräich: DGA - Direction de l'Armement – mat 9.700 Mataarbechter).

Bei Acquisitiounen, déi d'Arméi iwwert d'NSPA (NATO Support and Procurement Agency) ofwéckelt, benotzt d'NSPA hier eege Richtlinnen, déi virschreiwien, dass d'Equipementer aus engem NATO-Memberstaat komme mussen. Dës Weidere verbidden dës Richtlinne vun der NSPA, dass de Fournisseur op Sous-traitanten aus China zréckgräift.

Zur Fro 4:

Eng Fluchverbindung kann ee net mat enger Eisebunnsverbindung iwwer sou eng Distanz vergläichen. Et handelt sech ëm ënnerschiddlech Marchéen, souwuel hisiichtlech den transportéierte Gidder souwuel als och hisiichtlech der Quantitéit, a béid Verkéiersträger kënnen als komplementar a net als konkurréierend ugesi ginn.

No der offizieller Visitt zu Chengdu am Oktober 2019, wou déi lëtzebuergesch Delegatioun der Offaart vum Testzuch tëschent Chengdu a Beetebuerg an dem erfollegräichen Oflaf vum Test bäigewunnt hat, huet CFL Multimodal de chineesesche Partner CDIRS/CIPI eng Rei vu kommerziellen Offere virgeluecht fir hinnen d'Méiglechkeet ze ginn, Eisebunnstransporter tëschent Chengdu a West- a Südeuropa iwwer dat lëtzebuergesch Dréikräiz Beetebuerg/Diddeleng unzebidden.

Obwuel d'Aktivitéiten op der Verbindung Lëtzebuerg–China aktuell net exploitéiert ginn, gouf parallel dozou säitens CFL multimodal un der Ariichtung vun enger reegelméisseger intermodaler Verbindung tëschent Beetebuerg a Poznań geschafft, fir eng Alternativ zu engem direkten Zuch Chengdu-Beetebuerg unzebidden. De Site Poznań (Terminal vun der Societéit CLIP) empfängt schonn Zich aus Chengdu iwwer déi europäesch Grenz zu Malaszewicze. Zënter dësem Summer huet dësen Zuch säi Betrib opgeholl.

Schlussendlech huet CFL multimodal lo och d'Méiglechkeet intermodal Verbindungen iwwer de Rostocker Hafen als Fortsetzung vun de maritimme Verbindunge vu Kaliningrad a St. Petersburg unzebidden, déi och vun euraseschen Operateuren alternativ zum relativ iwwerlaaschte Landgrenzpunkt Malaszewicze (Polen/Wäissrussland) genotzt ginn.

Zil vun CFL multimodal ass et am September 2021 mat dëser neier Offer op all hir chineesesch an eurasesch Partner zeréckzekommen, fir Chengdu, an eventuell aner chineesesch Stied, iwwer Poznań/Rostock a Beetebuerg mat Destinatioune wéi Lyon, Le Boulou (a Spuenien), Antwerpen a Zeebrugge deeglech ze verbannen.